Betti a Litti spille mam Dreck

Eng interaktiv Opféierung fir Schoulen a Fester vum

MÄIN ÉISCHT NULL OFFALLBUCH

EbL
Emweltberodung Lëtzebuerg a.s.b.l.

“Betti a Litti spille mam Dreck” zielt d’Geschicht vum Litti, dee guer net op seng Ëmwelt oppasst a säin Offall egal wouhi gehäit.

Mat Hëllef vu senger Nopesch, dem Betti, léiert hie lues a lues wéi een nees am Aklang mat der Natur lieft, wat een alles aus Offall maache kann, respektiv wéi e säin Offall ka vermeiden.

Op sengem Wee léiert de Litti wéi een den Offall richteg trennt, wou een e soll hibréngen, a wat dann aus deenen eenzelen Offäll ka gemaach ginn.

Dëse Spektakel ass speziell op Schoulklassen aus dem **Fondamental** zougeschnidden (Cycles 2 & 3). D'Stéck gëtt vun enger Schauspillerin animéiert, déi an Interaktioun mat de Kanner duerch d'Geschicht féiert an si op spilleresch Aart a Weis mam Thema vun der **Offallvermeidung** vertraut mécht.

De Spektakel fënnt virun enger Video-Leinwand statt, op där een duerch animéiert Biller aus dem Buch an d'Welt vum Betti a Litti andaucht.
Dëst ass eng flott Manéier, fir dem jonke Publikum déi pedagogesch Inhalter aus dem Buch méi zougänglech ze maachen

Dir kënnt de Spektakel fir är Schoulklassen a Schoul-Fester buchen.
Eng Opféierung kascht 550€ TTC, ab der 2. Opféierung de selwechten Dag ass de Präis 515€ TTC. Eng Opféierung dauert **1 Schoulstonn** a si ass konzipéiert fir ronn **20 Kanner**.

Bucht är Opféierung iwwer: info@ebl.lu

Falls dir d'„Mäin éischt Null Offall Buch" wëllt hu fir an der Klass domadder ze schaffen, da kënnt dir et zum Präis vu 5€ pro Stéck bei eis bestellen.

EbL
Emweltberodung Lëtzebuerg a.s.b.l.